**Commentaire Budget 2024/25**

**Anne HUBERTY**

**Conseil communal du 09.12.2024**

Här Buergermeeschter,

Madamm, Dir Hären aus dem Schäfferot,

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot,

Léif Bierger aus der Gemeng Hesper,

Wéi schonn déi Jore virdrun, esou well ech och dëst Joer dem Schäfferot zu engem detailléierten an transparente Budget felicitéieren an all deenen, déi um Ausschaffe vun dësem Dokument bedeelegt waren, e grousse Merci soen.

Merci och der Rapportrice Christiane Streef fir hir ausféierlech d'Präsentatioun iwwert eis Gemengefinanzen, déi weist, dat mir dëst Joer e Budget virweise kënnen, dee senges Gläiches sicht; et huet keen Emprunt misse gezu ginn an et huet keen Equilibrage misse virgeholl ginn. D'Budgetsartikelen si gutt alimentéiert a mat engem Iwwerschoss vu bal 33 Milliounen Euro mat deene mir viraussiichtlech de Budget Ordinaire ofschléisse

kënnen, brauch d'Gemeng sech fir hier finanziell Zukunft keng Suergen ze maachen.

Als Presidentin vun der Sozialkommissioun a vum Vivre ensemble interculturel interesséiert mech natierlech virun allem de soziale Volet an dësem Budget. Ech si frou feststellen ze kënnen dat d'Gemeng hirer Linn trei bleift a weiderhi vill an edukativ, sozial an interkulturell Projet'en investéiert a versicht d'Léit duerch divers kleng oder gréisser Moossnamen (nach) mei no beieneen ze bréngen - net fir näischt huet eis Gemeng 2022 de kommunale Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen ënnerschriwwen, an ech kann nëmme feststellen, dat dëse Motto an der Gemeng Hesper och richteg gelieft gëtt.

**MR/Schoul/Educatioun**

D'Populatioun an der Gemeng Hesper wiisst rasant, mëttlerweil wunnen offiziell 17137 (Stand 15.11.24) Leit an eiser Gemeng. Dat bréngt mat sech dat och ëmmer méi Kanner an d'Schoule ginn. 1304 Kanner si bei eis an de Grondschoulen ageschriwwen, Tendenz steigend. D'Gemeng leet grousse Wäert drop eis Schoulen auszebauen a si um leschte Stand ze halen. Sinn 2024 scho knapp 9 Milliounen Euro an eis Grondschoulen investéiert ginn, esou si fir 2025 nach eemol 6 Milliounen am Budget Extraordinaire virgesinn - Suen, déi beispillsweis an déi nei Schoul a Maison Relais zu Alzéng oder awer an d'Renovatioun an d'Extensioun vun der Schoul um Houwald-Plateau fléissen. Dobäi gëtt och drop opgepasst dat déi

energeetesch Sanéierung net ze kuerz kënnt, wéi beispillsweis d'Sanéierung vum Bâtiment C um Schoulcampus Hesper.

Eis Structures d'Accueil (Créches a Foyer'en) ginn Hand an Hand mat de Schoulen, et gëtt Wäert op eng enk Vernetzung geluecht, 1132 Kanner profitéiere mëttlerweil vun dëser Offer – dat si quasi all d'Schoulkanner. Dofir war ech frou an den Dépenses Extraordinaires ze liesen, dat nieft de 6,2 Milliounen déi schonn dëst Joer an eis Structures d'Accueil investéiert ginn sinn, 2025 nach eemol 3,5 Mio Euro budgetiséiert ginn.

**Logement : Betréit Wunnen/Structures d'hébergement/**

**Abordabele Wunnraum**

Jonker eng Zukunft bidden andeem een se gutt encadréiert ass eng Prioritéit vun der Gemeng Hesper, virun allem an enger Zäit wou jonk Léit mat ville Probleemer konfrontéiert ginn a net seelen de Logement och eng vun hiren Haaptsuergen ass. Dofir sinn Institutioune wéi **d'Betreit Wunne** wichteg.

D'Demandë vu Jonken op der Sich no enger Bleif sinn extrem héisch. Am Moment stinn deene Jonken am Betreit Wunnen 1, 6 Plazen zur Verfügung (2 Eenzelzëmmeren an 2 Duebelzëmmeren), am zweeten Haus sinn et 7 Zëmmer mat 7 Eenzelzëmmeren. Vu September 2023 bis September 2024 sinn 117 Demanden erakomm (dat ass eng Hausse vun 13 Demandë par rapport zum leschte Joer), dovun 51 vu Fraen a 76 vu Männer. Mei wei ee Véirel vun den Demandeuren (30/117) sinn

eréischt 18 bzw. 19 Joer al. Dëst sinn alarméierend Zuelen déi eemol mei op d'Probleemer vun deene Jonke verweisen, déi ee muss eescht huelen.

Dofir ass et wichteg, dat nieft der hallwer Millioun vun dësem Joer nach eemol  400 000 Euro fir dat kommend Joer budgetiséiert ginn, déi an en **neit Betreit Wunnen 3** an der Rothweit a Coopératioun mam Ministère de l'Education Nationale a mam Ministère du Logement solle fléissen an hei nach eemol Capacitéite fir eng ronn 50 Léit a Famillje geschafe kënne ginn.

Am Gebai vum ONA op No. 299 an der Thionviller Strooss sinn am Moment 81 Persounen a Nout (DPI'en), dorënner 19 Familljen ënnerkomm, an der zweeter (neier) Struktur wunnen zur Zäit 16 Léit, dorënner 6 Familljen. Am Schadeckhaus si ronn eng Dozen (mineurs non accompagnés vun 13 bis 17 Joer) ënnerbruecht. Am Ganze sinn heimadder iwwert 100 Leit a 25 Familljen an Opfaangstrukturen an der Diddenhuewenerstrooss logéiert.

Den erschwéngleche Wunnengsbau läit eisem Buergermeeschter a senger Equipe besonnesch um Häerz. Nieft de soziale Wunnengen an der **Residenz Alloro** déi all verlount sinn an de **6 Haiser um Holleschbierg** déi all verkaaft a bewunnt sinn, entstinn am Kader vum Bau vum Parkhaus op der Place Pol Jomé zousätzlech **20 Appartementer**, déi an de soziale Wunnengsbau falen. Fir 2025 sinn nach eemol 3,9

Milliounen Euro virgesinn déi an zousätzlech 11 erschwénglech Locatiounswunnengen um Houwald solle fléissen.

De Logement – esou liest een am Rapport vum **Office Social** - ass oft e Rieseprobleem fir déi Léit deenen et finanziell net esou gutt geet. Hunn d’Assistant’en 2011 nach 309 Dossier’en traitéiert, esou sinn et der 2023 well 382, d’Demanden no Hëllef an dësem Beräich hunn deemno massiv zougeholl. Vill Léit a prekäre Situatiounen si gezwongen a Colocatiounen ze wunnen oder a chambres meublés vu Café’en. D’Gemeng verfügt mëttlerweil iwwer 65 Wunnengen déi si de Léit a prekäre Situatioune kann zur Verfügung stellen an ass domadder gutt ënnerwee an dësem Domaine. Leider stinn nach ëmmer 45 Leit op der liste d’attente - dës steigend Demande weist dat de Besoin no sozialem Wunnraum enorm ass, d’Gemeng awer och extrem Effort’en an dësem Beräich mécht.

**Jugend/Kanner**

Effort’e mécht d’Gemeng awer och am Jugendberäich. Jonker a Kanner sinn e wichtegen Deel vun eiser Gesellschaft, dofir versicht d’Gemeng vill Aktivitéiten an Ulafplaze fir déi jonk Bewunner ze schafen. Esou eng Plaz ass z.B. eist **Jugendhaus**. An der Moyenne kommen em déi 70 Jonker pro Woch op dësem Treffpunkt zesummen. Am Ganzen hat d’Jugendhaus bis dato 5779 Visiteuren – dat ass en enorme Chiffer an d’Zäite wou Jugendlecher sech och alt mol gär eleng mat hirem Handy an den digitale Medie beschäftegen. Momentan schafft

d’Jugendhaus un engem ganz flotte Projet „Podcast“, wou jugendspezifesch Theme wéi Sexualitéit, Aarbechtssich, Léift asw. analyséiert an diskutéiert ginn.

D’Gemeng bitt deene Jonken och d’Geleeënheet an der Summervakanz d’Erfarung ze maachen op der **Gemeng ze schaffen,** sief dëst am Entretien-Jardinage, am Oeko-Center oder am Beach Club. Dëst Joer hu 84 Jonker vun dëser Offer profitéiert fir en Abléck an d’Aarbechtswelt ze kréien an niewebäi hunn si sech nach e klengt Täschegeld verdéngt.

Jonker ze beschäftegen an dat op eng gesond Aart a Weis huet sech **Hesper beweegt sech** zur Aufgab gemaach. 979 Kanner waren dëst Joer insgesamt ageschriwwen, (2025 wäerte mir deemno déi magesch Zuel vun 1000 Inscriptioune knacken), 85 verschiddenen Cours’e ginn hei an der Woch ugebuede, do ass fir jiddereen eppes dobäi.

Sport gëtt an der Gemeng Hesper grouss geschriwwen, well och den **Hesport** huet mat 1175 ageschriwwenen Léit eng beträchtlech Zuel un Inscriptiounen dëst Joer. 22 verschidde Cours’en ginn hei ugebueden, 47 cours’en d’Woch an dat vu Méindes bis Sonndes.

Eng wichteg Ulafstell fir Jonker ass schlieβlech nach eise Projet **Youth and work**, e Projet dee Jonke soll hëllefen sech berufflech nei ze orientéieren. Hei ginn si bei der Sich no enger

Ausbildungsplaz oder engem Job ënnerstëtzt, gecoached a beroden.

E wichtege Projet ass och de Service **„Streetwork“**, e Projet deen an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg, der CARITAS, der Croix-Rouge an Inter-Actions, elo och hei zu Hesper ze fannen ass an deen an Zäite wou Jugendlecher sech selwer ëmmer mei verléieren, ëmmer mei wichteg gëtt.

D'Gemeng denkt awer un déi méi Kleng, déi sech op enger vun eisen iwwer 40 **Spillplazen**, déi d'Gemeng à jour hält an ausbaut a fir déi am Budget 2025 eng hallef Millioun Euro virgesinn ass, kënnen austoben.

**Senioren**

D'Zesummeliewen an der Gemeng betrëfft awer net nëmmen déi Jonk, mee virun allem och déi eeler Generatioun. Mam **Clubhaus Am Säitert** am Centre Thoma huet d'Gemeng eng wichteg Plaz geschaaft fir jiddereen, virun allem awer fir eis Seniore mam But de Léit flott Aktivitéiten unzebidden an esou der Isolatioun entgéintzewierken. Dat dëse Lieu de rencontre virun allem vun eisen eelere Matbierger genotzt gëtt, weisen déi plakeg Zuelen: 571 Memberen zielt eist Clubhaus mëttlerweil, dovun hunn 286 Léit dëst Joer un deene ronn 79 ugebuedene Aktivitéiten deelgeholl. D'Altersmoyenne läit hei bei 66 Joer. D'Aktivitéiten déi d'Clubhaus ubitt si villfälteg a viséieren en interkulturellen an intergenerationelle Public. E grousse Succès

kënnt z.B. d'Aktivitéit vun de Liesgrousselteren, wou 4 Grousselteren all 2. Woch an e Cycle 2.2 ginn, wou si zesumme mat enger Léierin Aktivitéite mat de Kanner ronderëm d'Liese maachen. Eng weider intergenerationell Aktivitéit dëst Joer war z.B. de Battlekart an Zesummenaarbecht mam Jugendtreff. Och Sortië mat der Amiperas stoungen op der Dagesuerdnung wei beispillsweis d'Visitt vum Musée Rurale a vum Musée des Calèches zu Peppéng oder och e gemeinsamen Ausfluch op d'Fouer.

Wann mir bei de Senioren an eelere Léit bleiwen, sief ernimmt dat och de Projet vun der **Maison de retraite et de soins** déi um Houwald nieft dem CIPA gebaut gëtt, viru geet a knapps eng hallef Millioun am Budget virgesinn ass fir de Projet virunzedreiwen. Mam Bau soll et am Joer 2026 definitiv lassgoen.

De **Repas sur Roues** gëtt ëmmer weider ausgebaut, esou dat net nëmmen d'Seniore vun dëser flotter Offer kënne profitéieren, mee kuerzzäiteg och Léit déi an engem bestëmmte Moment an hirem Liewen net gutt dru sinn. 840 Léit hunn dëst Joer vun dësem flotte Service profitéiert.

**Projet'en am integrativen a soziale Beräich**

Ech hunn am Ufank dorobber higewisen dat de „Vivre ensemble" an eiser Gemeng grouss geschriwwen an d'Zesummeliewe vun

de Bierger duerch d'Offer vu villen klengen a grousse Projet'e gefërdert gëtt.

Als Presidentin vun der Sozialkommissioun ass et mir besonnesch wichteg **Plazen, lieux de rencontren** ze kre'eren wou d'Léit sech begéinen a sech austausche kënnen. Dëst ass en Haaptuleies an ech denken dat mir an de leschte Joren eng ganz Partie vun esou Plaze schafen an domadder d'Kommunikatioun ënnert de Léit verbessere konnten.

Mat der **Maison Baumert uewen um Schlass** – e Projet, fir deen am Budget Extraordinaire fir 2025 ëmmerhin 300 000 Euro virgesi sinn, geet d'Gemeng op de Wee eng flott Plaz ze schafen, wou Leit sech begéinen a sech iwwert d'Geschicht vun der Gemeng Hesper informéiere kënnen.

Eisen neie **Lift**, ass e weidert Stéchwuert. Mat am Ganzen 8 Milliounen, dovun 3,2 Milliounen Euro déi fir 2025 budgetiséiert ginn, investéiert d'Gemeng an eng weider Vernetzungsméiglechkeet fir d'Bierger.

Wei dir sécherlech bemierkt hutt, ass den Zentrum vun der Gemeng Hesper mat senger Place **Pol Jomé** staark am Wandel. Dee sougenannte Bâtiment Mixte, deen hei wäert entstoe mat senge Commercen, enger Rei Parkingsméiglechkeeten a ronn 20 Logement'e soll eng weider animéiert Plaz ginn, wou Léit akafen, sech treffen, austauschen a begéine kënnen. Dëse Projet, deen dem Kär vun der Gemeng eng ganz nei Nues wäert

verpassen, huet d'Gemeng sech mat 30,3 Milliounen Euro eppes kaschte gelooss.

Fir Leit beieneen ze bréngen an ze vernetze brauch een awer net ëmmer esou en décke Budget. D'Integratiounskommissioun bréngt et och ouni Sue fäerdeg all 4. Dënschden am Mount am **Sproochecafé Babel** richteg vill Léit – deelweis och aus anere Gemengen – zesummenzebréngen, wou si bei engem Pättchen an engem gudde Maufel Friemsprooche praktizéieren a sech austausche kënnen.

Den Interêt u frieme Länner bréngt Leit op eise Film-Konferenzen **Exploration du monde** zesummen.

Och versiche mir punktuell ëmmer mol erëm iwwer aktuell Themen ze informéieren, sief dëst a Form vu **Konferenzen** oder och **Tables Rondes**. Esou hat d'Sozialkommissioun beispillsweis an Zesummenaarbecht mat der Ëmweltkommissioun virun enger gudder Woch (28.11.2024) eng flott Table Ronde zum Thema „Bezuelbar Energie? Soziale Klima!" mat villen interessante Partner an de Ministeren Hahn a Wilmes organiséiert.

Eis **Fête de l'amitié** am Juni, déi mir all Joer am Park feieren, zesumme mat Chorallen a Museken an Atelier'e fir Grouss a Kleng ass e weidere flotte kollegiale Moment am Joer.

Reegelméisseg fënnt och eise **„Welcome Day"** statt fir deene Resident'en déi an deene leschten 2 Joer an d'Gemeng Hesper

geplënnert sinn en Abléck an de Fonctionnement vun der Gemeng an hier Aktivitéiten ze ginn; och dat ass en Happening deen d'Léit zesummebréngt an den Austausch fërdert.

Eng weider Austauschplattform ass eise **„Ronnen Dësch",** wou mir am Kader vum „Vivre ensemble" an an Zesummenaarbecht mam CEFIS geplangt hunn och 2025 all d'sozialen Ariichtungen aus der Gemeng un engem Dësch ze versammelen, mam But sech kennenzeléieren a vläicht verschidde Projet'en ze lancéieren déi soss net zustane komme wieren.

E **Groupe de travail** bestoend aus Membere vum GERO, CNAPA, dem Direkter vum CIPA a Léit vun der Gemeng trëfft sech reegelméisseg fir iwwer aktuell Probleemer am Beräich vun der **santé mentale** ze diskutéieren an hei virun allem de Besoins'e vun den eelere Leit gerecht ze ginn. D'Semaine de la Santé Mentale am Oktober war hei e wichtegen RV, wou ë.a. Workshops, Virtreeg an Tables Rondes ugebuede goufen.

Eis **sozial Noperschaftsapp**, de sougenannten *hoplr* wëllen eis Bierger net mei mëssen. Si gëtt vun de Léit immens vill genotzt an ass vun Ufank un op eng grouss Resonanz gestouss an ass e weidert d'Medium dat eis Bierger matenee vernetzt.

Eng nei App**,** déi sougenannte **City-App Hesper** kënnen sech d'Awunner neierdéngs eroflueden. Dës App mécht et engem einfach sech op de Punkt ze informéieren an up-to-date ze bleiwen.

Am Kader vum Pakt vum Zesummeliewen hu mir och de sougenannten **„Biergerpool“** an d'Liewe geruff. Dëst ass eng Newsletter op déi een sech kann abonéieren an déi de Léit nach méi Informatiounen iwwert d'Zesummeliewen an der Gemeng ubitt.

D'Léit zesummenzebréngen ass och d'Zil vun eisem **Nopeschfest,** dat ëmmer am Mee stattfënnt. Och dës Offer gëtt vun de Léit gutt ugeholl a genotzt fir Frëndschaften ze verdéiwen oder nei Léit kennenzeléieren.

Vernetzung am wäitsten Sënn fënnt awer och statt andeem beispillsweis **Vëloswee'er** geschafe ginn, fir Uertschafte mateneen ze vernetzen. Och op dësem Plang ass d'Gemeng Hesper ganz aktiv a gesäit fir Reamenagementer vu Vëloswee'er nieft den 1,5 Millioune vun 2024 nach eemol bal eng hallef Millioun fir 2025 vir.

All Joer fënnt eis **Fréijoersbotz** statt, och dëst ass e Lieu de rencontre fir vill Léit déi sech zesummen niewebäi och nach fir d'Natur an Ëmwelt asëtzen.

De **„jardin communautaire“ „Kiemert“** zu Izeg ass eng weider Plaz déi Naturfrënn zesumme komme léisst.

De **Beach Club** ass virun allem am Summer eng flott Adress fir sech mat Kolleegen ze treffe grad esou wei den **Hesper Park**, dee vu Grouss a Kleng an och vun eise mëttlerweil 700 ugemellte

véierbeenege Frënn gär genotzt gëtt fir en Tour trëppelen ze goen.

Awer och de **Camping „Bon Accueil"** mat senger neier Terrass ass eng flott Plaz gi fir sech ze gesinn an e Pättchen ze drénken. Reamenagementer sinn och hei nach weiderhi geplangt an am Budget 2025 sinn dofir 75 000 Euro virgemierkt.

Wann ee vun „Integratioun" schwätzt, huet dat och ëmmer eppes mat der Sprooch ze dinn. 75 Léit waren am 1. an 2. Joer an de **Lëtzebuerger Sproochecoursen** ageschriwwen an hunn domadder vun dëser flotter Gemengenoffer profitéiert.

Eng gutt Aarbecht am Beräich vun der Integratioun leescht och weiderhin de **CIGL.** Iwwer déi lescht 3 Joer hunn 994 Awunner (60+) hire Service mindestens eemol an Usproch geholl.

Si bidden z.B. den Noperschaftsdéngscht, d'Hesper Geschierkëscht un.

An dësem Service sinn dëst Joer 2.529 Ufroen traitéiert ginn. Am Beräich vun der Haushaltshëllef hat de CIGL dëst Joer 920 Client'en, par rapport zum leschte Joer ass dat eng Hausse vun 83 Ufroen. Och am Beräich vun den Aarbechtsmesuren an der Integratioun leescht de CIGL eng gutt Aarbecht. 29 Demandeurs d'Emploi sinn hei a Vollzäit beschäftegt an am Kontext vun der Reinsertioun hunn 2024 14% vun hire Léit eng nei professionell Erausfuerderung fonnt an ugeholl. Den CIGL ass soumat e gutt

Beispill fir eng Institutioun déi déi sozial Inclusioun fērdert an sech esou aktiv um lokale Plang fir d'Léit asetzt.

De Projet **« Affichons l'égalité »** stellt d'Fra an de Mëttelpunkt. An Zesummenaarbecht mat der Commission de l'Egalité des Chances huet d'Sozialkommissioun dëst Joer en Opruff gemaach, d'Léit aus der Gemeng solle selwer aktiv ginn an hier Proposen eraschécke wei eng Fra aus dem Benevolat et verdéngt hätt 3 Wochen am Mäerz eng Strooss an der Gemeng mat hirem Numm ze kréien. Dir gesitt, mir versichen alles d'Bierger aktiv a Prozesser mat anzebannen.

Am Kader vun der Vernetzung ass deemnächst geplangt eng Aart **„Poterbänk"** opzeriichten, wou Léit déi Loscht op e Gespréich hunn, kënne Plaz huelen a Gläichgesënnter fanne fir mateneen ze schwätzen a Kontakter ze knëppen.

De **Kultursummer** mat ville flotten Ophänkerten huet eise Park mat Liewe gefëllt a vill Léit zesummebruecht.

Wéi dir bestëmmt gesitt huet, feelt et och an der kaler Joreszäit net un Aktivitéiten. Wärend der Chrëschtzäit kënnt dir eise Chrëschtmaart am Park besichen an am Kader vum **Wanterflair** u ville flotten Aktivitéiten deelhuelen, sief dat en Iessen am Chalet, de Besuch vum Kleeschen oder einfach nëmme mat de Kanner e flotte Lies-Nomëtten (15.12) am Chalet verbrénge bei Schocki, Kichelcher an engem **waarmen Uewen a spannende Geschichten**.

Den 22. Dezember fënnt eis traditionell **Seniorenfeier** statt an dat am Centre Joseph Altmann, wou mir dëst Joer all eis Senioren op engem eenzegen Datum versammelen. Natierlech gëtt et och dëst Kéier nees de „gesellegen Dësch“, wou déi Léit déi eleng komme séier Uschloss fannen an encadréiert ginn.

---

Wann dir iech all dës Projent’en a grouss a kleng Aktioune virun Ae féiert, gesitt dir, dat mir um soziale Plang immens vill Effort’e maachen a versichen d‘Bierger aus der Gemeng Hesper ze vernetzen an zesummenzebréngen.

Um Ënn vu mengem Commentaire ukomm, wëll ech awer nach dovun profitéiere fir e puer MERCI’e lasszeginn:

Merci allen Acteuren a Benevollen déi sech op iergendeng Aart a Weis um soziale Plang engagéieren, virun allem de Memberen aus der Sozial- an Integratiounskommissioun fir hiren Asaz, hir innovativ Iddien an hir Präsenz bei den Aktivitéiten.

Merci  dem Gemengepersonal, wat ëmmer hëllefsbereet ass a versicht esou séier wei méiglech de Probleemer vun de Leit Rechnung ze droen.

Merci awer virun allem, Iech, Här Buergermeeschter an dem ganze Schäfferot fir d’Ënnerstëtzung bei der Realisatioun vun all deene Projet’en. Ech si frou dat dir weiderhin d’Dépenses

Extraordinaires héisch haalt a Reserven uleet fir dat mir och an d'Zukunft kënnen a weider vill flott a gréisser Projet'en investéieren am Interêt vum Hesper Bierger an am Sënn vun engem flotten Zesummeliewen.

Virun allem awer geet mäi Merci un iech dobaussen, merci dat dir eis Aktivitéiten a Projet'e mat Begeeschterung unhuelt an domadder aktiv zu engem flotten Zesummeliewen an eiser Gemeng bäidrot. Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren!